



Nationalwalen

Wéi wielen?



Den 8. Oktober 2023 kënt Dir déi nei Memberen vun der Chamber wielen.
 Dir kënt méi Stëmme verginn. D'Unzuel hänkt vun Ärem Walbezierk of: **Zentrum (21),
 Osten (7), Norden (9), Süden (23).**
 Äre Walbezierk steet an der Convocatioun (lettre de convocation).


Dat sinn Är Méiglechkeeten:



Eng eenzeg Partei wielen:

Dir maacht de **Krees** iwwert der Wielerlëscht schwaarz.
 Sou kréien **all d'Kandidaten an d'Kandidatinnen** op der Lëscht
 automatesch eng Stëmm.
 Dir hutt dann **all Är Stëmme verginn.**


oder



Eenzel Kandidaten a Kandidatinne wielen:

Dir maacht **1 oder 2 Kräizer** neben den Nimm vun der Persoun.
 Dir dierft **net méi Kräizer** maachen, wéi Dir Stëmmen zur
 Verfügung hutt.
 Déi **genau Unzuel** vun de Stëmme steet uewen um Walziedel.

oder



Kandidaten a Kandidatinne vu verschiddene Parteien wielen:

Dir maacht Kräizer op **verschiddene Lëschten**.
 Dir dierft **net méi Kräizer** maachen, wéi Dir
 Stëmmen zur Verfügung hutt.
 Déi **genau Unzuel vun de Stëmme** steet uewen
 um Walziedel.

Konzept: